

## Dat ass dach egal...

...ob mir soen (schreiwen !), et wier een 'am Bäisinn' vun der Famill 'verstu-erwen'; mir giffen engem 'eist déif gefilltent Bäileed entgéintbréngen'; um 'géigeniwwerleiden Haus' wier 'en Daachschiefer' erofgefall.

Et schéngt och 'eendunn' ze sinn, wa Kanner ewell 'frühstücken'; wann een eng an seng 'hässlech Fress' kritt; ob eis Däbbessen d'Léierin froen, ob si 'verheirat' wier... dat hei sinn authentesch Beispiller aus dem Schoul-Milieul.. ower leider och **no der Meenung vun enger Partie 'Léierpersonal': et ass dach...egal !**

Natierlech huet jidderee bei äis d'Recht, op seng Fassong ze denken an sech auszeschwätzen. Wann dann 'egal wat' dobäi erauskënnt, hunn all aner, a mir och! ower och d'Recht fir ze soen, wat si vun esou enger labberer Sprooch-Mentalitéit denken. Nach laang net 'egal wat'! **Wiem en éierbart Lëtzebuergesch an eis Sprooch iwwerhaapt 'egal'sinn, dee soll dat riichter ausoen...** Mä dann ass et him jo och wurscht, wat Leit ewéi de Rodange, den Dicks, de Lentz, den C.M.Spo, den Nik.Welter, de Robert Bruch, an iwwerhaapt, wat alleguer eis Dosende vun Dichter a Schreiwer vu géscht an haut op Lëtzebuergesch gelescht hunn. Da waren a sinn dat am Fong elauter naïv Toperten. Am Sënn vum Ausdrück: EGAL WAT!

Den 10. Oktober 1941 hunn d'Nazien op engem perfide 'Stëmmziel' och probéiert, d'Lëtzebuerg just domat ze 'kréien', datt si fir eis Sprooch an enger hannerwänneger 'Explikatioun' kleng drop geschréiwven hunn, **d'Lëtzebuergesch wier nëmme en däitschen Ennerdialekt – also egal wat!** Eis Mammesprooch giff net als Äntwert zielen... mä d'Äntwert vun de Leit war nach laang net... 'egal wat'! Souguer géint d'Gefor vu Prisiong, KZ a Schlëmmerem hunn 'eis Leit' vun deemools den Nazien eng Blamage vrun d'Stiwwele gehäit, déi de Fatzerte bäigehal huet an deemools weltbekannt guff. Si konnten sech mat soss näischt wieren, wéi mat hirer Léift fir eis Heemecht. Och 'egal wat'?

Leider verhënnert dat net, datt **gutt mockeleg gezillten a placéiert Yupprien aus de 5 beschten Dosende Joere vu Westeuropa** sech deem ganze 'lástige Sprooch-Quatsch' méisseg ginn. D'Welt, d'Geschicht, d'Land, d'Gesellschaft, d'Liewen iwwerhaapt huet dach, wéi et schéngt, eréischt ugefaang, wéi si an der Wéi geleeën hunn. Déi Mentalitéit ass alt erëm hirt Recht; ower d'Majoritéit vun äis d'äerf esou Mentalitéiten och op d'Broutschéiss huelen... vläicht fir datt se méi zerguttst gebak gëtt ☺

**Et gëtt iwwerall an ëmmer Leit, deenen alles wurscht-egal ass, wat net direkt mat hinnen an hirem 'Yupplabumm' ze dinn huet.** Dat Allermannst, wat een do vermësse kann, ass e Stéck vun allgemenger Kultur, zu deer nun emol och dat gehéiert, wat et ginn ass, iert d'Welt an d'Liewen déi grouss Chance haten, si ze empfänken... also d'Bedenke vun der Vergaangenheet, der 'Geschicht', weinstens vun de Generatiounen bis bei eis Grousselteren. Ouni dat ass 'e Krack am Dill'. Wien net emol heiansdo driwwer nodenkt, **'wéi et war', wéi a firwat et esou 'ginn ass' – mä jo och wéi et anescht kënn sinn**, deen tierkelt am 'Haut' dorëmmer a fällt an e Lach, wann et ower vläicht eng Kéier sollt anescht kommen, wéi hien sech et (net) geduecht huet.

Mir kennen alleguer Leit, deene wierklech, bis op hire 'Guddiguddi' alles 'eendunn' ass (wéi de Josy Braun giff soen). Ower *gare* wann si och nëmme mengen, et giff net grad esou fonktionéieren, wéi si sech dat virstellen... dann hunn si d'Flemm, pardon: eng *déprime*, dann ass d'Welt ze kleng, d'ganz Gesellschaft ongerecht an décke Kabes ! Fir den Ament gesäit et dach net esou marzipan-roseg aus... oder?

## Abeejo!

Dat Gegrangels (Geknouters, Gemëffers, Geknadders) aus dem Haaptartikel vun dëser KLACK ass net aus der Loft gegruff. Et guff äis **vun engem jonke Mënsch geliwwert, deen sech Suerge fir eis Sprooch mécht**, seng 'Mammesprooch', wéi hie betount.

Mä, lo haalt iech un: Sâi Virnumm ass KIM (a Korea esou heefeg wéi Jang a Pier bei äis)... de Kim ass wierklech a Korea gebuer; hie guff mat e puer Méint hei zu Lëtzebuerg adoptéiert. Stäipt iech dann emol nach eng Kéier: dem Kim seng Adoptivelteren heeschen... NARDINI; si sinn italiéinesch Immigranten. Wann de Kim elo vu senger 'Mammesprooch Lëtzebuergesch' schwätzt a grujeleg Sproochbeispiller aus deem Haus schreift, wou hie mat Kanner schafft, da kënne mir sâi gerechten Äifer dach wierklech nëmme bewonneren... an äis eng déck Schläiss dovun erofschneiden, aplaz d'Nues ze rënschelen... an ze soen, et wier dach 'egal'. Dat ass et net! 'Integratioun'?

## Moien 'Daachstull'!

Eent vun den eelsten Handwierker, déi mir beim Bau vun engem Haus kennen, ass dat vum Zimmermann. **Iwregens schéngen déi lëtzebuergesch Spezialiste vun deem Fach ganz geschéckerlecher gewiescht ze sinn:** Mir fannen si um Enn vum 19. Joerhonnert, zu Paräis, bal op alle Spëtzen ('Fiischen'=First) vun deene wonnerbare Boulevards-Gebaier, déi deemools mam Baron Haussmann entstan sinn. Do war, iert et hei am Minett lassgang ass, zwar vill gutt Geld ze verdéngen... dat ower e sëlliche 'brav Jongen' duerch Finanz- an Zënsbanditten esou séier verluer gong wéi et erakomm war.

**Zu Paräis guffen ower keng 'Daachstull' gezammelt**, dat si 'charpentes' gewiescht; hei bei äis ass et och ni en 'Daachstull' ginn; dat war an ass nach ëmmer e **GESPÄER!** D'Ausdrück vun den eenzelen hëlzen Elementer vun engem 'Gespäer' sinn iwregens och interessant: do guff et Dunnen, Käfferen, Madrillen, d'Schéier an de Männi, djee, et war eng vun deene genëssegen Handwierker-sproochen. Äre Schreiwert huet sech 1970 immens gewonnert, wéi hie fir en Examens-Mémoire vu ronn 250 Säiten iwwer eis Sprooch an 8 Handwierker bei eeler Fachleit getréppelt ass, fir **e Plaidoyer hir d'Lëtzebuergesch an den haapt- manuelle Beruffer** ze schreiwen; et guff esouguer eng 'Distinction' dofir an eng Nominatioun am Institut grand-ducal.

Natierlech verschwanne Wierder mat de 'Saachen'; Neies kënnst dobäi, ower de Fong bleift... esou wéi d'Gespäer' beim Zimmermann (vun deem iwregens déi Leit hiren Numm hunn déi... 'Scharpantgen' heeschen... wann et kee platte Betongsdach gëtt ☺

vum Lex Roth



## Jang schwatt yett/gett vill.

Natierlech si mir do am **Stack-Honds-Éisleker**, géint dat keen eppes huet, apaart wann et am Cliärrwer Kanton bleift, well schonn am Wëlzer an am Dikrecher klénkt et iergendwéi exotesch; do ass keng Spur vun deer Sprooch-Uluecht ze fannen.

Wou dat 'Hondséislek' hierkënn, wier nawell intressant ze wëssen... schéin oder léif ass den Ausdrück net. Mir hunn et an deem klengen Iwwerschrëftsaz mat zwou Eegenarte vun 'do uawen' ze dinn: 'Si' loossen **den typeschen Artikel beim Virnumm de Jang, den Heng, d'Ketti ewech**, wat soss keen am ganze Land mécht, firwat? Dat 'richt' ower no Houdäitsch; jidderee kann do maache wéi hie wëllt... mä och emol Froe stellen, oder net? Den ongewinnnten 'Imperfekt' vun enger Partie Verben (*si schwatten an ech ous*) ass intressant, mä wäert sech och alt mat der Zäit am 'passé composé' verdënne (*si hu geschwat an ech hu giess*). Et huet net vill 'op sech', fir hei ëmmer erëm mam 'Ripuaresche/Saleschen opzetrompen; dat loosse mir de Spezialisten. Probéiert iwregens emol erauszefannen, **bei wéivill Verben et an eiser Sprooch nach e kloren Imperfekt gëtt** (z.B. stoen, goen, sätzen, leien...). An der Nordspëtzt vum Land wäert dee Gebrauch sech nach méi laang halen, ower dat ass net den Haaptverloscht fir eis Sprooch; hei geet et vrun allem ëm dat muttwëlles zevill Däitsch, mat deem mir eiser Ausdrück total onnéideg erwiergen. Och wann eis 'Germanisten' dat net gâr héieren... äis geet och villes un hirer Uluecht net!

## Verlaangere

Wann een d'Aen an d'Oueren zerguttst opdeet, fënnst een an eiser Sprooch maandelweis **Ausdrück, déi engem d'éischt als einfach däitscher virkommen...** an hirer Bedeitung ower eppes ganz anesches heeschen. Beispill: *Ech hunn no mengen Eltere 'verlaangert'*; sot datselwecht emol op Däitsch; do huet dat näischt mat 'verlangen' ze dinn... dat mir ower och, am Sënn vum franséischen 'exiger', am Lëtzebuergesch hunn. Am Däitsche fanne mir dofir dat sougenannt Pronominal-Verb 'sich (nach den Eltern) sehnen'.

Eist 'verlaangere' hu mir och nach als Dingwuert/Substantiv, an zwar 'd'Verlaangere'... iwregens den Titel vun engem wonnerschéine Lëtzebuerg Lidd. Am Franséischen ass den Ausdrück zimlech komplizéiert mat 'se languir de' (*je me languis de mes parents*). Op Englesch wier et 'I long for my parents'... deemno alles anescht wéi eist 'verlaangere'. Hätt dir dat geduecht?

## rocken


...do weess jiddereen iergendwéi, wat gemengt ass; et ass zesoen och **bal a jidfer Sprooch iwwergang, esouguer an Dictionnairen**, an et mécht garantéiert och näischt am Lëtzebuergesche futti. Vlächent kënnst een ower emol drun denken, wou dat Verb 'rocken' hierkënn, aus deem an de leschten puer Dose Joeren och en Dingwuert entstan ass: de Rock.

Wann e jonke gewiewege Begeeschterte seet, den Owend giff hien *de ganze Sall op Belval 'rocken'*, wëllt dat jo heeschen, datt hie richteg 'lassgeet'; hie muss jo net wëssen, wat deen engleschen Ausdrück am Fong wëllt soen; och net, datt mir do Famill mam däitsche 'rücken, verrücken, ruckeln' asw. dra begéien. Am Lëtzebuergesche giff vu 'fréckelen, réckelen, rëselen oder och nach 'stuckelen' Rieds goen. Et fällt ower kengem verstännege Mënsch an, eppes an deem Sënn um franséische 'Johnny national (iwregens e Belsch)' oder um hellegen Elvis hirer 'Liturgie' wëllen ze kniwwelen. Et ass ower dowäert, emol op déi Manéier un déi 'Rockerei ze denken..an dann...e fatzegen 'on the rocks'...ze rocken!

## Eise Fändel



An de Statuten, déi d'Actioun-Lëtzebuergesch sech virun 41 Joer ginn huet, steet ganz däitlech, datt si fir alles 'wuddert', wat lëtzebuergesch ass... apaart fir eis Sprooch. Haut ka jo wierklech kee maachen, wéi wann et äis an eis Aarbecht bannnt deer Zäit net gi wier. Do hätte mir esou Kéip Stengercher fir an d'Flitsch, datt keen Argument dogéint giff stoe bleiwen... Dat verhënnert ower net, datt **op munnech Manéiere vu Gascherten oder arroganten Ignorante gemaach gëtt**, wéi wa keng Actioun-Lëtzebuergesch gewiescht wier oder geng existéieren; am Fong ass dat och eng intressant Äntwert, gellidir. Et geng bal duergoen, déi 182 Nummere vun eiser KLACK an d'165 Säiten Artikelen op RTL-lu erauszdrécken: do ass **alles dran ernimmt, wat mir zënter 1971 'verbrach' hunn**. Mir sinn houfreg drop!



Eis AL huet, trotz eise Statuten, mat kengem Wuert an deem Geschnadders iwwer eise Fändel matgemaach, datt sech ëm eis 'Tricolore' respektiv de 'Roude Léiw' gedréint huet. **Dem Här Juncker seng 'salomonesch' Léisung war éischtklassesch. Déi zwou Versiounen gëllen un der Fändelsstaang**... wann eng do ass ☺ Huet dir eng? Ass bei iech e Fändel am Haus? Dir kritt der an alle Gréisste bal op jidfer Stroosseneck; all Sportsfan weess Bescheid. Vrun allem: Genéiert dir iech net, fir den 23. Juni manéierlech ze weisen, wou mir hei sinn? Kuckt et net queesch, wa portugisesch Matbierger deen Dag hire Fändel eraushänken... **mam lëtzebuergesch donieft!**... dat ass dach wierklech sympathesch a gëtt vlächent munnech engem e Beispill! Kann dat net och eng Manéier sinn, fir Lëtzebuerg e klenge 'Merci' ze soen?